



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7815 vum honorabelen Deputéiert Marc Goergen zum Sujet "Listes des candidats pour les élections communales"

Den Deputéierte informéiert sech iwwert en Eenzelfall wou op enger Gemeng de Service vun de Gemengewalen net soll disponibel gewiescht sinn. Mir ass keen sou ee Fall bekannt. Et ass awer ganz kloer, dass en ëffentleche Service bestänneg muss ugebuede ginn a wann een Agent oder Agentin ausfällt soll dës-en, de Méiglechkeete no, vun engem aneren Agent oder Agentin ersat ginn. Well et sech hei em een Eenzelfall handelt gesinn ech aktuell keng Noutwennegkeet fir eng Circulaire ze verschécken.

Lëtzebuerg, de 23/03/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding